N°5214
Reçue le 11.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.**

Zum aktuellen Zäitpunkt reegelt d'lëtzebuergescht Déiereschutzgesetz, dass d'Produktioun vu Pelzer zu Lëtzebuerg verbueden ass. Dës Reegelung verbitt awer net de Verkaf vu Pelz, deen aus dem Ausland importéiert gëtt. Deemno gëtt d'Pelzindustrie an déi domadder agoend Déierequälerei an aner Länner verlagert.

D'Ëmstänn, deenen d'Déieren an der Pelzproduktioun ausgesat sinn, stinn am klore Géigesaz zu der Würd vum Déier, déi Lëtzebuerg mam Déiereschutzgesetz vun 2018 unerkannt huet. E Verbuet vum Pelzverkaf wier also just den nächste logesche Schrëtt am Déiereschutzdossier, fir ze verhënneren, dass duerch de Verkaf vu Pelzproduiten um lëtzebuergesche Marché an anere Länner eng Industrie ënnerstëtzt gëtt, déi Liewewiesen onerträgleche Qualen an domat absolut onwierdege Konditiounen aussetzt.

Virun 2 Joer haten d'Piraten eng Diskussioun iwwert d'Pelzverbuet an der Chamber ugestouss. An enger Aktualitéitsstonn zum Thema gouf vun eiser Säit eng Motioun proposéiert, an där d'Regierung opgefuerdert gouf, de Verkaf vun Zuuchtpelzer nach an dëser Legislaturperiod ze verbidden. Dës Motioun gouf net vun de Majoritéitsparteien ugeholl. De Minister fir Landwirtschaft hat awer am Kader vun dëser Debatt dorobber higewisen, dass een esou ee Verbuet op europäeschem Niveau kéint kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister den Dossier vum Pelzverbuet schonn op europäeschem Niveau ugeschwat? Falls jo, a wéi enge Reuniounen?
2. Wéi ass de Stand haut vun der europäescher Demarche? Wéi eng Partnerlänner huet de Minister identifizéiert, déi d'lëtzebuergesch Approche vum Pelzverbuet deelen?
3. Wéini schätzt de Minister, dass ee Verkafsverbuet fir Pelzer op europäeschem Niveau wäert a Kraaft trieden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député